

Eis Sprooch a Gefoer? Neen!

Natierlech huet d'Lëtzebuergesch am „Referendum“ direkt oder niewelaanscht eng Roll gespilt... d'Fro stellt sech nëmme, wat si all deene bedeit, déi sech jo indirekt fir si agesat hunn, oder ob et nëmme eng bëlleg Baatsch fir enkgerëppte Geeschtercher ass. Hei an der KLACK huet Dir – wéi versprach – kee Wuert an deem Sënn gelies.

Wann et ëm eis Nationalitéit an d'Sprooch geet, misst ower onbedéngt méi konsequent iwwer d'Mëttelen an d'Fassung geschwat ginn, **wéi een dann an der Praxis als „Friemen“ un d'Lëtzebuergesch ka kommen...** an zwar net nëmme iwwer „Coursen“. Schoul ass nun emol Schoul. Mir hunn alles, wat mir wëssen, kennen a kënnen, **net onbedéngt an engem Schoulsall** geléiert, mä an der Wirklechkeet „ënnerwee“. Frot emol Leit, déi ni e Wuert Englesch an enger Schoul geraf hunn an duerch Ëmstänn an Amerika oder England gelant sinn...


Dee gréisste Problem hei am Land läit emol d'éischt bei äis selwer: **Mir quake jiddereen an enger Sprooch un, déi hien iergendwéi versteet**, Däitsch, Franséisch an och nach Englesch... da soll dee gudder Mënsch Kontakt mam Lëtzebuergesch kréien? Vill vun äis – och dacks Äre Schreiwert – schwätzen dach bal automatesch Franséisch bei enger Keess... aplaz mam Lëtzebuergesch UNZEFÄNKEN an sech da vläicht mat enger anerer Sprooch däitlech ze maachen. Wéi maache mir et mat eisen Noperen, Bekannten, Aarbechtskollegen oder esouguer Frënn? **Wann an enger „Gesellschaft“ och nëmme een dobäi ass, dee kee Lëtzebuergesch versteet... da schalte mir alleguer ëm**, oder net? Et ass een dach net onmanéierlech, gelldir... mä vläicht just... op déi Fassong maache mir all Auslänner d'Dier fir an eis Sprooch zou!

Wéi mir 1976 déi éischt Leit an de Coursë fir Lëtzebuergesch haten, ass et ëm eng Haaptsaach gaang: **d'Äis ze brieche**. Mir hate bannent e puer Méint e puer honnert Kandidat vrun der Dier (an deer aler Europa-Schoul beim Glacis). Gehollef huet keen äis, bis op zwee gudder Leit vun der Gemeng Lëtzebuerg, d'Häre Merres an Ney „getréischt“...; net ze vergiessen déi sympathesch Concierge-Koppel Reuter! Mir ware just zu eiser dräi Proffe fir eng Dose Gruppe Leit... vun deenen déi eng aus dem Franséischen, anerer aus dem Engleschen oder aus engem Sproochraum rondrëm déi „Idiome“ komm sinn. D'Coursë konnte mir nëmme owes halen, well **kee vun äis och nëmme eng Stonn an senger normaler Schoul dofir fräigestallt** war; et guff kee Blat Material, kee Subsid, a vu Bezuele war keng Ried. Dat Ganzt ass um Fong vun Iwwerzeegung a guddem Wëll gelaf! Bei deenen allermeeschte war d'Äis tëscht hirer an eiser Sprooch no e puer Méint „gekrächt“... mä wouer war do och: Déi eng léiere séier, anerer méi lues, bei enger Partie ass, „einfach net méi dran“. Bei esou Gedanke muss engem dach d'Chance vrun d'Ae kommen, déi mir haut mat eisem INL hunn!

Dat alles ass an enger Zäit gewiescht, wou eis Sprooch wierklech a Gefoer war, am Gewull vun eiser typescher Sprooch-Pluralitéit ënnerzegoen, well ower och keen eppes fir d'plakegt Sprooch-Erhale gemaach huet; **do gong a geet et nun emol net duer, e puer schéi Gedichter a léif Bichercher ze publizéiere**, och wann dat natierlech seng Wichtigkeet huet (an Äre Schreiwert mat dobäi war/ass). D'Haaptfro ass ëmmer nach (gewiescht): *Wie bring ich's meinen „Kindern“ bei?* Dat huet mengerwäreg vill méi mat pädagogeschem Gespier wéi mat „Fachwëssen, Literatur a Linguistik ze dinn. Wann et ee Beruff gëtt, wou (pädagogesch) TALENT dat Wichtigst ass, da schéngt et kloer den Enseignement ze sinn. Sou laang eis Sprooch vun esou enger Berufung profitéiere kann, ass a kënnst si ni a Gefoer!

Drop an dowidder

Dat „dowidder/derwidder“ fannt dir net baussent eiser Sproochgrenz; dee ganzen Ausdrock hei uewe scho guer net. Stelle mir en an e Saz, da kënnst dir dee **mat an d'Vakanz huelen, wou et jo ëmmer erëm Leit gëtt, déi net wëlle gleewen, datt mir nun emol eng Sprooch fir äis hunn**: *Mëttes war et schmeier an dompeg; duerno huet et drop an dowidder gefacht, datt ee bal fortgewéitscht guff; dunn ass e schrot Wieder mat engem décke Schluet drop komm*. Vlächcht léiss sech och nach soen, datt dir ferm dowidder/dobäi gemaach hätt, fir alles vrun der Vakanz an d'Rei ze kréien.



vum Lex Roth

(Zeechnung: O. Jaminon)

Fernand Hoffmann (1929-2000)

Laanscht deen Numm ass „an der Zäit“ kee komm, deen sech mat eiser Sprooch ofginn huet; egal, ob een e „gär“ hat oder net. **Den „Hoffmanns Fern“ war e Begrëff**, an dat net nëmme duerch seng Emissioun „De Mischi a seng Leit“ um „UKW/Kanal 18“; déi ass, wéi all Geschwates, mat der Zäit verflunn, mä seng literaresch a wëssenschaftlech Aarbecht ass net aus eiser Sproochlandschaft ewechzedden, sou oder esou. **E Stroossennumm, wéi de Robert Bruch, hätt hien iwwregens ewell laang an der Stad verdéngt!**

An de 60er-Joeren huet de F.H. eng 2-bänneg „Geschichte der Luxemburger Mundartdichtung“ erausginn, déi e ganze Koup Gestécks fir dat geliwert huet, wat haut, no 50 Joer, aus dem Lëtzebuergesch ginn ass. Mir „haten äis dacks mateneen“, et huet ower jiddereen deen anere fir seng Aarbecht respektéiert; hie war e kriteschen, esouguer streiderege Wëssenschaftler; äre Schreiwert ass vun der „Schoulmeeschtesch-Säit“ un d'Problematik „Lëtzebuergesch“ erugaang. Seng lescht Wieder u meng Fra fir mech, am Hierscht 2000, e puer Woche vrun sengem Doud (beim Italiéiner vis-à-vis vum Athenäum): *Madame, versuertg den do gutt, hie gëtt nach laang gebraucht*.

Seng „Geschichte der Mundartdichtung“: Déi geet natierlech nëmme bis +/- 1965; **bis elo huet sech kee fonnt, deen den 3. Band dovou „gemaach“ hätt**, well just bannent deer Zäit méi an eiser Sprooch publizéiert ginn ass wéi an 150 Joer virdrun! Wou bleiwen dee Grupp, dee Comité oder dee „Schaffert“, déi sech endlech un dee „Rock“ Aarbecht ginn? Well just an deene Joeren ass aus deer „Mundart“ deen „dialecte qui a réussi“ ginn, un deen de Fernand Hoffmann zugudderlescht esouguer ze gleewe geschéngt huet!

Schonn driwwer nogeduecht...

... wat mir fir **Ausdréck am Lëtzebuergesch hunn, déi knapps oder guer net mat anere Sprooch „Famill sinn“**...eng „façon de dire“, déi jo iwwregens och net esou am Däitschen oder op Franséisch gedréint ze fannen ass. Iwwersetzt dach emol e kleng Saz wéi deen hei an déi zwou Sproochen: *Webesch si Famill mat Müllesch*. Gelldir, dat gëtt zimlech Krämpes (sind verwandt, sont apparentés) do kënnst dat Wuert „Famill“ net vir. Mä well mir äis d'meescht keng deeër Gedanke maachen, fällt dat engem och net esou op, *gelldir*... nach esou en Ausdrock! **Vläicht ass et jo och méi einfach, ze soen, d'Lëtzebuergesch wier eng aarm Sprooch**, nëmme en Dialekt, eng Mondart. Prost.

Eng Gloscht, eng Gladder

Natierlech hu mir bei deser Afenhëtzt dacks Gloscht op eng schmannteg/geschmëicheg(?) Glace; et gëtt der esouguer, déi vun enger „Gladder“ schwätzen... an **déi zwou Fassong gitt dir ëmsoss iwwer d'Grenz eraus sichen**; d'Verb „gelüsten“ ass zwar an der Géigend; „gladder“ ower guer net. Beim „Gegladders“ geet d'Lëtzebuergesch esouguer nach méi wäit: *De Claude hat eng Glace gegléschert/gegladdert an huet sech d'ganz Box voll begladdert... an do guff et eng fatzeg op d'Gladder*. Da sot emol, eis Sprooch giff net och en eegent klengt Liewe féieren. Et geet ënner Ëmstänn nach méi wäit, wann et heescht, de Jang hätt *eng am Kanelli gehat an eppes zesumme gegladdert, wou keen Hënnescht a kee Viischt dru gewiescht wier*... Vill Spaass bei der Traductioun aus eiser knatzeger Sproochelchen!

Am Spaass...

Et muss een dach bal „tibi“ sinn, fir op Lëtzebuergesch ze behaupten, déi eh-moleg Frënn Gast a Misch wieren *engem gemeinsame Sport nogaang, a säit kierzlech giffe si fir de Veräin verantwortlech zeechnen*... da wier et dach besser, si hätten deeselwechte Sport gemaach a giffen elo de Veräin féieren.

Schlecht iwwersatent Däitsch gëtt nun emol nach kee Lëtzebuergesch (an ëmgedréint), woumat näischt géint dem Günter Grass seng Sprooch gesot ass... mä déi un den Ouere gezibbelt kréien, déi sech mat Vizmates-Lëtzebuergesch vrun e Mikro stellen. Och eis Sprooch muss ee léieren/respektéieren, wann et „d'Handwierksgeschier“ ass!

Eis KLACK ass elo ganz „brav“ bis den 3. Oktober, seet iech merci fir Ären Interessi a wënscht alle Frënn a Lieser eng genësseg Vakanz.